



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2020

REÇU  
Par Alff Christian, 08:10, 23/10/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zum CGDIS un d'Madamm Inneministesch weider ze leeden.

Déi vill Amicallen vun den eemolege Pompjeeë suergen duerch hier Organisatiounen a Festivitéiten an de Gemenge fir e wichtege Service um Bierger. Seit de CGDIS säin Déngscht opgeholl huet, sinn déi fräiwëlleg Pompjeeën fir dës Aktivitéiten awer net méi verséichert. Dëst gëtt vun der Fédération nationale des Pompiers du Luxembourg, laut dem Virwuert an hirem Bulletin, och scho säit zwee Joer gefuerdert, ass bis dato awer nach net ëmgesat ginn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch dës Informatiounen confirméieren?
- Wa jo, aus wéi enge Grënn sinn do nach keng Ännerunge virgeholl ginn? Sollen hei nach Modifikatiounen um Gesetz geholl ginn?
- Wa jo, a wéi engem Zäitraum sollen dës Modifikatiounen virgeholl ginn?

Här President, mir bidden Iech eis en déifste Respekt unzehuelen.

Georges Mischo

Michel Wolter

Deputéiert



Luxembourg, le 24 novembre 2020

REÇU

Par Christine Wirtgen , 11:08, 24/11/2020

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
43, bld Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3019 du 23 octobre 2020 des honorables Députés Goerges Mischo et Michel Wolter concernant les activités des amicales du CGDIS**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministes, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 3019 vun den honorabelen Deputéierte Georges Mischo a Michel Wolter zum Sujet "Activités des amicales du CGDIS"**

Déi honorabel Deputéiert werfen d'Fro op, ob d'Amicale vum CGDIS am Kader vun der Organisatioun vun Aktivitéiten a Festivitéite richteg versécheret sinn.

Den Artikel 100 vum ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwer d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet seet, dass all Centre d'incendie et de secours (CIS) an all Groupe d'intervention spécialisé (GIS) d'Recht huet, eng Amicale ze schafen, déi di fräiwëlleg an haaptamtlech Fraen a Männer Pompjeeën regroupéiert an déi dat associatiivt Liewen organiséiere soll. Dësweidere kënnen d'Amicalen sech regional zesummendinn, während se um nationale Niveau ënnert dem Daach vum Pompjeesverband (FNP) vereent sinn.

An engem Bréif vun Ufank 2019 huet d'FNP mech gefrot, ob verschidden Aktivitéiten, déi vun den Amicalen organiséiert ginn, sou wéi dat haut scho bei der Associatioun vun den Elterevertrieder de Fall ass, vun der Onfallversécherung (assurance accident) kéinte couvréiert ginn.

Och wann ech d'Revendicatioune vun der FNP novollzéien a prinzipiell ënnerstëtze wéilt, läit d'Onfallversécherung an der Kompetenz vum Minister fir sozial Sécherheet, deen ech och mat der Fro vun der FNP saiséiert hunn. Op Nofro vum Ministère fir sozial Sécherheet zielt d'FNP an engem weidere Schreiwes, folgend Aktivitéite vun den Amicalen op, déi en direkte Lien mat de Missiounen vum CGDIS stinn an déi hirer Meenung no vun der Onfallversécherung sollte couvréiert ginn:

- *"Participation à toute activité des JP (instructions, camps, excursions, sport, ... liste non limitative);*
- *Réunions des membres de l'amicale, des fédérations régionales et nationales;*
- *Réunions du comité de l'amicale ainsi que des fédérations régionales et nationales;*
- *Participations à des réunions organisées par le CGDIS;*
- *Participation à des organisations du CGDIS aux fins de recruter de nouveaux membres (portes-ouvertes, exercices publics, présentations publiques, ...);*
- *Organisation de ravitaillement et autres services prestés aux membres du CIS / GIS en cas d'interventions exceptionnelles sur demande du CIS / GIS si les services du CGDIS ne pourront pas les prester;*
- *Participation de représentation aux cérémonies officielles des communes et de l'État (ex. fête nationale, journée de commémorations nationale, ...)."*

Dës Oplëschtung hunn ech och un de Minister fir sozial Sécherheet weiderginn.

Et muss nach präziséiert ginn, dass alleguer déi Aktivitéiten, déi eng Amicale am Kader vu sengem Veräinsliewen organiséiert an déi a kengem direkte Lien zum CGDIS stinn (z.Bsp. e Grillfest), nët an dëser Oplëschtung virkommen. Fir dës Aktivitéite muss eng Amicale selwer fir en eventuelle Versécherungsschutz suergen.

Soubal ech vum Minister fir sozial Sécherheet iwwert eng méiglech positiv Suite op der FNP hir Revendicatioune informéiert ginn, woubäi natierlech am Detail muss analyséiert ginn, op all déi opgelëscht Aktivitéiten och an de Kader vun enger Onfallversécherung falen, sinn ech gäre bereed den honorabelen Deputéierten dës Äntwert nozerechen.